

Englesch, jo/neen?

Datt d'EU mat zwou Dose verschiddenen ‚offizielle‘ Sproocher ‚fiert‘, ass verstänneg gekuckt natierlech eng lächerlech Kueberei. Ob d'Lëtzebuergesch elo och nach bei d'EU-Sproocher gehéiere soll, doriwwer ass och ewell hei geschriwwen ginn. Do heescht et net ‚jo‘ an net ‚neen‘, mä... loosst mer einfach verstänneg sinn!

Musse mir d'Rabbelkäppegkeet vun den Irlänner, de Malteser asw. matmaachen? Do spillen dach aner Ursache mat, historiescher a politescher; deer hu mir jo am Fong keng; iwregens ass Lëtzebuerg jo eng vun den Haaptwuerzelen vun der ‚Union Européenne‘; dat hält keen äis ewech, an dofir kënne mir äis och ganz ‚fein‘ un d'EU-Sproochsituatioun halen, déi vru ronn 70 Joer ganz normal war: d'Franséisch an d'Däitsch als déi Sproocher, déi jo och Italiénesch (Romanesch!), Hollännesch (Germanesch!) an hire Stäck hunn. Dat huet sech ower geännert, **wéi d'Englänner an d'Communautéit komm sinn... déi de Charles Gaulle an der Zäit léiwer dobausse gehal hätt; hien hat seng Ursachen...** a mat deem Afenzirkus, deen haut leeft, emol net esou iwwel Onrecht. Et sief dann.

Haut si mir an enger total anerer, verkuerbelter a verdrudelter Situatioun, wat England ugeet. Do fënnt eng Gussemamm hir Fierkele net méi erëm, an den UK blaméiert sech alt emol esou gutt wéi et geet. *It's their cup of tea... unfortunately not only!*

Ower wéi ass et da mat der englescher Sprooch bei deer ganzer ‚Brexiterei‘? Och hei misst am Fong erëm de Verstand vrun deer ganzer Gefillswibbelerei stoen, a wann dat nach esou gelunge klénkt... mä d'Fransouse kënne vläicht ‚domm‘ Gedanke kréien. **Et kann dach keen ofléien, datt d'Englescht nun emol net nëmmen den Idiom vum United Kingdom, mä eng absolut global, eng Weltsprooch ass** (Aviatioun, Schëffsverkéier, Technik, Medezin, Finanzen...), deemno net eng reng ‚national‘ Fro, oder? Wéi sou a firwat, dat steet hei net an der Diskussioun: Et ASS esou!

An dann: Et däerf een net vergiessen, wou d'Englescht (och dat Global-Englesch) gewuess ass. Et ass – resuméiert gesot – zënter dem 11. Joerhonnert, vun no der Schlucht vun Hastings an deem neie Kinnek aus der Normandie un e sougenannten Amalgam vum Germaneschen an dem Romaneschen, mat all deem, wat vun de Kelten an aus Skandinavien eriwwer ‚gespullt‘ gi war; loosst mer dat Keltesch/Gaelescht aus der Bretagne, Wales, Schottland, Irland emol iwwergoen... an hei si mir dann zesoen indirekt bei deem kleespe Lëtzebuergesch! **Wat ass eis Sprooch dann anescht wéi op engem germanesche (fränkesche) Fong gewuess a mat romanischen Elementer duerchsatt?** Dofir war et am 19. Joerhonnert vun de Lëtzebuerg Autoritéiten eng super-intelligent Decisioun, d'Däitsch an d'Franséisch an eis Schoulprogrammen ze planzen; wat dat eisem Land ‚bruecht‘ huet, dat kënnt e ganz Buch ginn; natierlech ofgesi vun allen Iwwerdreiwungen.

EU-LINGUA FRANCA? Wéi war/ass et da mat deer ‚Lingua (Sprooch)‘ an den USA? Ouni d'Englescht als ‚Iwwersprooch‘ wier et ganz sécher net gang, obschonn d'Fransousen do e breede Fouss um Buedem haten... ower dommerweis méi frou mam Geld fir d'Staate wéi z.B. Louisiana asw. waren. Geschicht? Jo, ower denkt emol doriwwer no. D'Englescht ass natierlech meeschter ginn, an all déi nei ‚Merikaner‘ (Hispaniker asw.) hunn sech zugudderlescht verdroen, well d'Sprooch och iergendwéi eppes vun hirer Mammesprooch hat... och eis Lëtzebuerg Auswanderer! Si koumen dach aus enger Situatioun a Sprooch, déi hinnen d'Englescht zimlech lücht gemaach huet. **Nach haut, a besonnesch elo, léiert vläicht keen op der Welt méi séier Englesch wéi... e Lëtzebuerg, mat sengem Däitsch a Franséisch! Brexit oder net, d'Englescht ass nun emol d'EU-Sproochzukunft; well et wéi keen aneren europäeschen Idiom ganz einfach eng WELTSPROOCH ass!**

„in der Acht“... firwat?

An der Zäit huet äre Schriewer sech zesumme mam Kadaster-Éierendirekter Patrick Schonckert (†) ronn 2 Joer laang kristillegt, fir déi kromm verdäitscht ‚lieux-dits‘, d'Flouernimm, aus de Kadasterpläng esou riichtzebéien, fir datt si hirt lëtzebuergesch Gesiicht sollen erëmkréien. Hessesch Beamten haten dës Nimm an den 20er Joere vum 19. Joerhonnert schrecklech vernannt; mat hiren däitschen Ouerkruten si dat Lëtzebuergesch net an d'Schreif. Haalt iech un: et gong em an déi drëssegtausend Nimm. Déi sinn an der Verwaltung ‚numeriséiert‘ ginn a stin haut fir jidfer notariell oder aner Actioun prett... och fir d'Publikatioun vun enger Stee an der Press! Da freet ee sech, firwat z.B. esouguer an enger eenzeger Annonce nach esou Kueberei kënne stoe wéi déi hei: **in Laschent- unter der Schleid- hinter dem Busch- in Bischend Hosergrund- auf Matheschleid- auf Wasserdellt- im Birkenberg- in der Raeneschbach- ieweschte Wald...** dees fanne mir dann ‚tonneweis‘ an den Zeitungen; kee Wonner, datt plazeweis gemengt gëtt, eis Sprooch wier jo am Fong däitsch; mä dat ass eng aner Gei! Näischt fir ongutt, mä mir hunn haut e Regierungs-commissaire an en Direkter vum ‚Zenter fir d'Lëtzebuergesch... dat hei wier ‚du pain sur leurs planches‘! A wéi wier et mat enger klenger Fro fir an d'Chamber?

vum Lex Roth



Eis VERBEN, mam Jérôme Lulling um AL- HIERSCHTPATT

Vill vun äis erënneren sech der mat Grujelen un dat **Geléiers/Geleiers vun den onregelméisseg franséische Verben...** mä déi hunn nun emol missen an den ‚Täti‘. Am Däitsche war dat fir äis net esou schlëmm; am einfachsten am Engleschen; a well et bei hinnen esou ‚einfach‘ ass, hu grad d'Englesch-Sproocher et net lücht, déi ‚Verberei‘ an anere Sproocher ze paken ze kréien... och am Lëtzebuergesch!

Deer Saach ass dann elo mat engem **Verbe-Buch vum Jérôme Lulling**, zesumme mam Dr. Tom Weidig an dem Christine Dury ‚op de Spronk‘ gehollef ginn... eis ‚Actioun-Lëtzebuergesch‘ huet se mat ‚op den Aarm‘ gehol; et läit an alle gudder Bicherbutteker, an dir kënnt et natierlech och – sief et fir iech oder anglophon Frënn – op eiser Adress kafen.

Dat englesch-lëtzebuergesch Verbe-Buch gëtt dann op eisem HIERSCHTPATT virgestallt, wou dann den Dr. Lulling anengems mat der Sëlwerplack ‚Dicks-Rodange-Lentz 2019‘ geéiert gëtt; hie schafft zënter ville Joeren op eng ganz originell Fassong fir eis Sprooch ‚bei de Leit‘, an et gëtt der net vill, déi z.B. seng Kräizwuert-Rätselen a Publikatiounen op RTL.LU net kennen.

Natierlech sinn eis Membren a Frënn och fir dës Geleeënheet häerzlech invitéiert, an zwar: Samschdes, den 9. November / 15.00 Auer/ 20, Conter-Strooss zu Izeg. Bis dann!

EISES oder wat?

Leider si mir äis et net ëmmer/all bewosst, datt d'Lëtzebuergesch zwar eng germanesch Sprooch, wéi Nidderlännesch, Dänesch, Skandinavesch ass... mä net Däitsch! Am Englesche fanne mir dee ‚Made in Germany‘, deen de Versteesdemech verwuerelt; si soen nun emol ‚Germany‘ fir Däitschland; d'Franke waren och ‚Germanen‘; ‚Frank+räich‘ huet säin Numm och alt net gestuel; op Franséisch giff ee soen datt ‚ça prête à quiproquo‘.

Fir dësen Ëmstand auserneezen, gëtt et eng gutt Method: Mir huelen einfach lëtzebuergesch Beispiller, déi kloer weisen, datt dat Lëtzebuergesch net eeriicht kann an d'Däitsch ‚gejuppt‘ ginn. An zwar soll dat net just eng eenzeg Kéier gemaach ginn, mä an engem Stéck (andauernd?) un eisem Sproochfändel hänke wéi eng ‚Flätsch‘. Dofir wäert dir an eiser KLACK och elo all Kéier en etlech Beispiller EISES fannen. Dat ass souzese ‚pädagogesch‘ déi bescht Fassong, fir dës Gedanke waarmzehalen. Natierlech ass dat net akademesch-wëssenschaftlech, ower eppes ‚un d'Leit‘ ze kréien ass nun emol eng Form vun Talent, e Wëssen, dat en Diplom leider net automatesch garantéiert.

Dat wier et da fir dës Kéier...an esou war och eise klenge Concours ze verstoen, ënner dee mir dann elo geschwënn e Stréch maachen.

Eise Saz-Concours

Bei deem klenge Spillchen ass et **drëm gang, Sätz op Lëtzebuergesch esou ze maachen, datt et quasi net méiglech ass, si an eng aner Sprooch ze iwwersetzen**, unni datt eis Sprooch doranner net méi erëmzekennen ass, also ‚lost in translation‘ (beim Iwwersetze verluer), z.B. ‚Hal de Bak, soss klaakt et! Wourëm geet et hei? Mä fir ze weisen, datt eis Sprooch hire ganz eegene Pad trëppelt; wat net drun hënnert, datt mir an hir riichtewech houdäitsch oder och en etlech franséisch Ausdréck gebrauchen (wahrscheinlech, uerdentlech, trottoir, merci). Et gong an eisem ‚Spillchen‘ deemno net em eenzel Wierder, mä em Sätz, déi iergendwéi e Sënn maachen – esou wéi dir se kéipweis am Bichelchen ABEEJO fanne kënnt, dat nach ëmmer ze kréien ass. Et gong och net drëm, einfach eiser Spréch-wierder aus deene verschiddene Collectiounen ze bréngen. **An der KLACK vum 2. November steet dann d'Resultat vun deer klenger Initiativ, mat den Nimm an der Zuel vu Sätz, déi gëllen.** Et schéngt ower elo well festzestoen, datt d'Madame Jeanine Theis-Kauth, eiser beschter ‚Schreiweschen‘ eng, wäit vir läit, an dat mat ronn 100 Sätz, déi keen an d'Franséisch oder Däitsch ‚eriwwer-setze‘ kann, unni datt een d'Lëtzebuergesch nach erëmkennt; et ass dowäert, eng Partie vun deer Rëtsch hei an der KLACK ze bréngen, wat dann och am November geschitt. D'Madame Theis huet bei hir Sammlung nach **e lëschtgedichtche** matgeschéckt, bei deem et op autentescht Lëtzebuergesch eppes ze laache gëtt. Oniwwersetzbar! Hei ass et:

Zu dräi ënnerwee

Deen Éischten ass en Tuddeler.
Den Zweeten ass e Schnuddeler.
Den Drëtten ass e Fuddeler.
Si fro'n nom Wee fir Buddeler.

Deen Éischte kann dat Wuert net so'n.
Den Zweete ka kee Mënsch versto'n.
Den Drëtten huet déi zwéi belunn.
Si koumen ni zu Buddler un.